

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

An der EU gëtt am Kader vun der Ukrainekris ëmmer méi intensiv en Embargo vu russeschem Gas an Ueleg diskutéiert. An der RTL-Emissioun "Invité vun der Redaktioun" vum 6. Abrëll huet den Här Minister zu deem Thema ënnert anerem dat hei gesot: "*Wann ee géif de Gas vun haut op Null setzen, da muss een sech einfach bewosst sinn, da misst ee warscheinlech eng Rei Industriebetriber déi nächst een, zwee, dräi Wanteren iwwert de Wanter stoppen, fir genuch Gas ze hunn, och fir d'Leit*".

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Froe stellen:

- 1) Op wéi eng Impaktstudie huet den Här Minister sech bei der uewen zitierter Ausso beruff? A wéi engem Delai gedenkt den Här Minister der Chamber dës Etude ze iwwermëttelen?
- 2) Kann den Här Minister matdeelen, wéi eng konkret präislech Konsequenzen a potenziell Enkpäss sech aus engem Embargo vu russeschem Gas a Pëtrol fir eis Stéit an eis Betriber, souwéi eis allgemeng Mobilitéit géifen erginn?
- 3) An där zitierter Emissioun huet den Här Minister och ugekënnegt, den Hierscht wëllen eng grouss Campagne ze lancéieren, fir d'Leit zur Energiespuersamkeet unzehalen. Kann den Här Minister matdeelen, no wéi enge Modalitéiten dës Campagne soll organiséiert ginn a wéi eng konkret Ziler sollen erreecht ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten